# Klautjen

Gemengeblat Biissen

11/2012

**Gemeng Biissen. Eng Gemeng déi verbënnt.**




03 Technischer Dienst

16 De Raphaël Stacchiotti zu London op der Olympiad

18 D'Säit vum Biisser Bësch!










## EDITO

# Dir hutt di 2. Ausgab

Dir hutt di 2. Ausgab vum „Klautjen" fir 2012 an den Hänn. Den neie Logo ass agefouert, a mir kommen an dëser Nummer och nach emol kuerz op d'Virstellung zeréck.

Am Klautjen fant Dir dës Kéier 2 Berichter, déi een als wichteg Nouvelle fir eis Regioun ka gesinn, an zwar gouf jeeweils de Grondstee fir nei Betriber op Biisser Terrain geluecht. Et sinn d'Gebaier vun der CREOS an der KIOWATT. Mir wäerten Iech déi Betriber spéider méi genee virstellen. De Schäffen- a Gemengerot hofft, datt et him geléngt, weider Betriber an domadden Aarbechtsplazen an eis Géigend ze kréien.

Eis Gemeng soll jo ëmmer e gutt Bild no bausse ginn, a fir eise Leit ze hëllefen, dës Aarbechten zur Zefriddenheet vun eis all, an engem Duerf dat stänneg wiisst, ze maachen, gouf eng Kiermaschinn ugeschaaft. Dëse Klautjen stellt Iech eis Équipe vum Aussendéngscht vir, an Dir léiert och déi Leit kennen, déi elo viru kuerzem agestallt goufen, respektiv hiren „neie" Chef, dee schonns méi wéi e Joer dobäi ass.

Ab dëser Kéier starte mer och eng Serie iwwert eise Bësch. Hei kënnt dee Mann zu Wuert, deen hei d'Soen huet. Hie wäert Iech mat senge Kompetenzen a senger Freed un der Natur dëse méi no bréngen.

Wéi all Kéier solle méi kleng Rubriken all d'Biisser erreechen an Dir äre Spaass un dëser Nummer hunn, sou wéi d'Kanner op den neie Spillplazen, di eng bei der Maison Relais, di aner bei der Sportshal.

D'Gemengerotsberichter sinn ab dëser Nummer op Nofro jeeweils op Franséisch an Däitsch, fir Iech esou gutt ewéi méiglech iwwert d'Decisiounen an eiser Gemeng ze informéieren.

Der Équipe vum Klautjen an de Leit déi mat Informatiounen an Artikelen oder Fotoen heizou bäidroen e grousse Merci. A mir vun der Kommissioun probéieren esou dem Moto „**Biissen eng Gemeng déi verbënnt**" gerecht ze ginn.

Frank CLEMENT (Kommissioun fir Informatioun a Medien)

# Sommaire

**Klautjen November 2012**


| | |
|---|---|
| Technischer Dienst der Gemeindeverwaltung Bissen | 3 |
| Nei Kiermaschinn | 3 |
| De René Feis huet eis verloos | 4 |
| 2 nei Spillplazen | 4 |
| Administration communale de Bissen | 5 |
| Journée commémorative | 5 |
| Nationale Feierdag | 5 |
| Bummelbus Service jetzt auch in Bissen | 6 |
| SuperDreckskëscht fir Biirger zu Biissen | 7 |
| Den Nordpool | 8 |
| Nouvelle identité visuelle pour la commune de Bissen | 9 |
| Nouvelles de la Maison Relais "Un der Atert" | |
| Michael Schenk, nouveau directeur de la Maison Relais | 10 |
| Vakanzaktivitéiten | 10 |
| Zirkusschoul | 11 |
| Die Welt der Musik | 11 |
| Im Jugendhaus ist was los... | 12 |
| Velosdag | 12 |
| Erfollegräich Marche gourmande Fanfare Biissen | 13 |
| Coupe Julien Feith FC Atert | 13 |
| Kommissioun vum 3. Alter Tréppeltour 2012 | 14 |
| Konferenz mit Professor Doktor Dieter Ferring der Uni-Luxemburg | 15 |
| Der Club Uelzechtdall in Bissen | 15 |
| De Raphaël Stacchiotti zu London op der Olympiad | 16 |
| D'Säit vum Biisser Bësch! | |
| Der Wald Lebensraum und Lebensgrundlage | 18 |
| Wou kennt den Numm Hondswénkel hier | 21 |
| Chrëschtmaart 2012 zu Biissen | 22 |
| Schecküberreichung Parrot Bissen | 23 |
| Kiowatt, une usine high tech en construction sur le site à Roost | 23 |
| Le 3e data-centre de LuxConnect à Roost | 24 |
| Regionalen Zentrum vun der CREOS um Rouscht | 25 |
| Compte rendu des séances du conseil communal | |
| Gemeinderatsbericht | 26 |
| Manifestatiounskalenner | 32 |



**Editeur:**
Administration communale de Bissen / Commission consultative de l'Information
BP 25, L-7703 Bissen
Tél. 83 50 03-1
www.bissen.lu / klautjen@bissen.lu

**Redaktioun:**
D'Memberen vun der Kommissioun:
Josiane KIEFER-SCHAUL, Frank CLEMENT, David VIAGGI (President), Christian SEMERARO, Patrik THILMAN, Marc LUCIUS, Guiseppe CARENZA
Et hu matgehollef:
John Quintus, Patrick SCHMIT, Charles REISER, d'Famill HORSMANS, a verschidden anerer bei den Texter a Fotoen

**Layout:** www.reperes.lu
**Deckel:** Vidale-Gloesener

De Klautjen gëtt gratis un all Haushalter an der Gemeng Biissen verdeelt.
Net bestallten Textbeiträg ginn net zréck geschéckt, an nëmmen da publizéiert, wa Plaz ass.
Dir fannt de Klautjen och am Internet: **www.bissen.lu**



FSC Mixed Sources
Product group from well-managed forests and other controlled sources
Cert no. XXX-XXX-000000
www.fsc.org
© 1996 Forest Stewardship Council

# Technischer Dienst
## der Gemeindeverwaltung Bissen


Jos Schummer und Romain Meyers


Kleine Feier bei der Vorstellung des neuen Materials


vlnr: Tim Scheitler, Yvo Martins und Marc Britz

Der Wunsch der Informationskommission ist es, dass die Bürgerinnen und Bürger der Gemeinde Bissen unser Gemeindepersonal besser kennen lernen. Deswegen werden wir in dieser Ausgabe unseres Klautjen, die Mitarbeiter des technischen Dienstes vorstellen.

Der technische Dienst der Gemeinde Bissen ist in zwei gleichermaßen wichtige Einheiten gegliedert.

Einerseits besteht er aus der administrativen Einheit welche sich in der Gemeindeverwaltung befindet. Der administrative Teil des Technischen Dienstes der Gemeinde wird von 2 Mitarbeitern verwaltet: Danielle Storn, die seit 15 Jahren dabei ist und Tom Jonk, seit 4 Jahren.

Des Weiteren verfügt die Gemeindeverwaltung über ein neues Gemeindeatelier, das sich in der rue du Fossé befindet. Dies ist die zentrale Leitstelle von welcher aus sich die Gemeindearbeiter jeden Morgen zu ihrer täglichen Arbeit begeben.

Unser Team ist vielseitig einsetzbar, so besteht dieses aus einem Elektromeister, einem Automechanikermeister, einem Arbeiter mit Gesellenprüfung als Schlosser, einem Arbeiter mit Gesellenprüfung als Justierer und Mechaniker, einem Arbeiter mit Gesellenprüfung als Heizungsmonteur in der Ventilation und Klimatisation und einem Arbeiter mit Gesellenprüfung als Baumschulgärtner und Gestalter. So können die täglich zu erledigenden Arbeiten fachgerecht aufgeteilt werden und bei vorhandenen Schwierigkeiten sachgemäß kontrolliert respektive repariert werden.

Seit fast genau einem Jahr stehen die Arbeiter unter der Leitung von Marc Britz, neuer Vorarbeiter des Teams. Seit dem 3. Quartal 2012 zählt die Gruppe 10 Mitarbeiter, davon sind zwei Neuzugänge zu vermerken. Es handelt sich hierbei um Yvo Martins da Silva gebürtig aus Bissen und wohnhaft in Bissen und Tim Scheitler gebürtig aus Kehlen und wohnhaft in Colmar-berg.

**Vorarbeiter:**

Marc Britz (37)
seit Oktober 2011

**Arbeiter:**

Marc Meyers (57)
seit Oktober 1985

Raymond Daleiden (55)
seit September 1983

Philippe Weynandt (49)
seit Oktober 1986

Romain Meyers (47)
seit Januar 1991

Claude Schmitz (43)
seit Oktober 1996

Patrick Rotili (46)
seit Januar 2003

Jean Guelff (53)
seit Januar 2008

Yvo Martins (28)
seit Oktober 2012

Tim Scheitler (31)
seit Oktober 2012

# Nei Kiermaschinn

Fir eis Aarbechter ass d'Propretéit an eiser Uertschaft mat allen ëffentleche Plazen, Spillplazen, Parkanlagen, Industriezonen a Gebaier eng grouss Erausfuerderung.

Fir Stroossen a Plazen efficace ze botzen, hunn déi Gemengeverantwortlech zesumme mam Service Technique an den Aarbechter, eng modern Kiermaschinn kaaft.

E puer Informatiounen zum "**CityCat 5000**", deem neie Gefier:

Déi 4 Rad Steierung, garantéiert e geneet Manövréieren. Eng gutt équipéiert Cabine mat ville Fënstere bitt dem Fuerer eng gutt Iwwersiicht. D'Instrumenter si fir de Chauffer, deen op der rietser Säit sëtzt, ideal ubruet an einfach ze bedéngen.

De Schmotzbehälter deen et erlaabt 4 m³ Dreck opzehuelen ass aus héichwäertegem, raschtfräiem Stol, duerch eng extra Virrichtung kann den Inhalt confortabel an e Container getippt ginn.

D'Kierbiischte goufen esou entwéckelt, datt se optimal zesumme schaffen, et erlabe problematesch Plazen ze erreechen, respektiv op verschiddenen Niveau'en ze botzen.

Bei der Konzeptioun vun dëser Maschinn gouf och Wäert op ekologesch Punkte geluet, wéi de Kaméidi, de Verbrauch, an d'Emissiounswäerter. E Waasserbehälter, dee 790 Liter faasst, erlaabt et Flächen ze botzen, dat knaschtegt Waasser gëtt opgesaugt, iwwert Filtere gebotzt an erëm benotzt.

Nach e puer Zuelen:

- **Motor:** 4250 cm³ mat 156 PS
- **Tank:** 130 L Disel
- **Notzlaascht:** 4850 Kg
- **Geschwënnegkeet bei der Benotzung:** bis 18 km/h
- **maximal Geschwënnegkeet:** 50 km/h



# De René Feis huet eis verloos



*Virun e puer Wochen hate mir virgesinn dësen Artikel iwwert eise Schoulmeeschter René Feis ze schreiwen, dat bei Geleeënheet vu senger wuelverdéngter Pensioun.*

Haut, Enn Oktober, wësse mir awer, datt eise Kolleg de René Feis eis vill ze fréi a fir ëmmer verlooss huet. Mir hätten hien nach esou oft gebraucht, an dat besonnesch a senger Pensioun. Villes bleift nach ze schreiwen, an ze hannerfuerschen. Hien hannerléisst bei eis all e grousst Lach.

Déi puer Reien, déi mir iwwert hie wollte schreiwen, loossen eis de Ren nach enger Kéier opliewen esou wéi mir hie während 36 Joer kannt an erlieft hunn.

Am September 1975 stoung hien zu Huelmes, fir d'éischte Kéier als Schoulmeeschter virun enger Klass.

Schonns dat Joer drop koum hien dunn op Biissen, an dat fir di nächst 36 Joer. Bei deene Klengen huet en ugefaangen, an di lescht Joere jeeweils mam 5. a 6. Schouljoer geschafft.

Ongeféier 500 Kanner hu während all deene Joere bei him d'Schoulbänk gedréckt. Vill vun hinne konnt hie begeeschtere mat senger Freed un der Geschicht, un de Fossilien, der Urzäit, de Griichen, de Réimer, de mëttelalterleche Buergen, dem 2. Weltkrich, respektiv Lëtzebuerg während der Occupatioun oder och nach dem Zuch. Dofir hu seng Klassenausflich dacks an eis Alstad, op Tréier, d'Buerg vu Buerschent, d'Maginot Ligne, réimesch Villae gefouert.

Hien huet mat enger Partie Gemengeréit, mat ongeféier 10 Inspekteren an enger grousser Zuel Beruffskollege geschafft. Verschidde Biisser Schüler goufen hanneno seng Beruffskollegen an eiser Gemeng, a well hie Spaass um Beruff hat, war hien och oft a gären „Patron de Stage".

An deenen iwwer 36 Joeren huet hie sech ëmmer enk mat Biissen verbonne gefillt, hien huet alles gesammelt wat iwwer Biissen geschriwwe gouf a regelméisseg um kulturelle Liewe vun eiser Gemeng deelgeholl.

*Mir drécken senger Famill eist Bäileed aus, a wäerten dech René och weiderhin a gudder Erënnerung behalen. Du waars an du bleifs e Stéck vu Biissen.*

---



# 2 nei Spillplazen

**D'Spillplaz bei der Sportshal** déi an engem schlechten Zoustand wor, ass och erneiert ginn, a säit Enn September steet och hei de Kanner erëm eng flott an attraktiv Spillplaz zur Verfügung.

Mat Freed konnt di nei **Spillplaz un der Atert**, bei der Spillschoul an der Maison Relais, de 15. September pénktlech fir de Schoulufank ageweit gi. Vill Kanner, d'Personal aus der Gemeng an och Eltere ware komm wéi de Buergermeeschter zesumme mat de Gemengeréit des Spillplaz offiziell de Kanner iwwerginn huet.

Dëse Spillpark gëtt vun der Spillschoul an der Maison Relais benotzt, ausserhalb vun de Schoulzäite, kann en natierlech vun alle Biisser Kanner benotzt ginn.



# Administration communale de Bissen





**AVIS**

## Construction de logements

Par la présente il est porté à la connaissance du public que la délibération du conseil communal du 15 mars 2012 portant approbation définitive du **projet d'aménagement** particulier présenté par le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Bissen pour le compte de la société **Immoinvest Brill S.A.** et portant sur des fonds sis à Bissen, au lieu dit "Uecht", commune de Bissen relative à la construction de logements d'habitation, a été approuvée par le ministre de l'Intérieur et à la Grande Région en date du 6 juillet 2012, réf. N°16317/82C.

Le projet intégral est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Bissen, le 25 juillet 2012

Pour le collège des bourgmestre et échevins,
Le secrétaire communal,
Le bourgmestre

**AVIS**

## Règlement de circulation

Il est porté à la connaissance du public que par décision du 20 juin 2012 réf. N° 322/12/CR le Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région a approuvé une délibération du 13 février 2012 (p.10 de l'o.j.) aux termes de laquelle le Conseil communal de Bissen a adopté un règlement de circulation au lieu-dit "Roost" à Bissen.

Le texte intégral dudit règlement est tenu à la disposition des intéressés au secrétariat communal.

Bissen, le 25 juillet 2012

Le secrétaire communal,
Le bourgmestre

## Journée commémorative

Den 7. Oktober 2012, Gedenken un d'Affer vum 2. Weltkrich.



## Nationale Feierdag

De Robert Soethoudt kritt vum Buergermeeschter d'Medaille fir seng 25 Joer am Déngscht vun den Pompjeen iwwereecht.






# Bummelbus

## Service jetzt auch in Bissen

Seit Mitte dieses Jahres ist die Gemeinde Bissen dem Projekt „Bummelbus“ Service beigetreten, dem bis jetzt 38 Gemeinden angehören.

Unter dem Motto „Ruff un – mir kommen“ stellt der „Bummelbus“ eine ideale, sehr flexible und preisgünstige Ergänzung zum öffentlichen und privaten Transport dar.

In Zusammenarbeit mit den Partnergemeinden bietet der „Bummelbus“ ein Transportmittel für Erwachsene um einkaufen zu gehen, Arzt, Amiperas, Restaurant, Friseur, Arbeit, etc... sowie für Kinder und Jugendliche, um ihr Sporttraining, Musikschule, Maison Relais, Kindergarten, Schule, Tanz, etc. zu erreichen.

Der „Bummelbus“ fährt Sie individuell von einer Adresse zur anderen.

Der Service des „Bummelbus“ kann von den Bürgern aus Bissen wie folgt benutzt werden:

| | |
|---|---|
| montags - freitags | 06.30 - 21.15 Uhr (nach Verfügbarkeit) |
| samstags | 06.30 - 17.15 Uhr (nach Verfügbarkeit) |



Die Telefonzentrale für Reservierungen ist von Montag bis Freitag zwischen 8 und 18 Uhr unter der Telefonnummer 26 80 35 80 erreichbar. Und per e-mal unter bummelbus@fpe.lu.

Das Projekt „Bummelbus“ bietet seinen Kunden auch die Möglichkeit sich direkt über die Internetseite www.bummelbus.lu für eine Dauerfahrt oder Einzelfahrt einzuschreiben.

### Arbeitsweise

Die Anfrage wird registriert und direkt verarbeitet. Die Zentrale beschäftigt derzeit ein Team von 14 Personen, die die Anfragen speichern und die Fahrten an die Fahrer verteilen. Die Zentrale steht in ständigem Kontakt mit den Kunden und Fahrern.

### Periodische Reservierung

Wenn Sie den „Bummelbus“ Service regelmäßig nutzen möchten, an einem bestimmten Wochentag zur selben Stunde, können Sie eine dauerhafte Reservierung vereinbaren und diese bei Bedarf auch wieder abbrechen.

### Tarife

| Abfahrtsort-Ankunftsort | Kinder | Erwachsene |
|---|---|---|
| < 10 km | 1,50 € | 2 € |
| 10 > 20 km | 2 € | 2,50 € |
| 20 km > 25 km | 3 € | 3,50 € |
| 25 km > 35 km (max.) | 6 € | 7 € |

**ZUSÄTZLICHE INFORMATIONEN FINDEN SIE AUF:**

**Internet:** www.bummelbus.lu
**Tel.:** 26 80 35 80
**Fax:** 80 48 85 60
bummelbus@fpe.lu

**Forum pour l'Emploi a.s.b.l.**
20, route d'Ettelbruck L-9230 Diekirch

# SuperDreckskëscht fir Biirger zu Biissen

Mobile Sammlungen finden in Bissen 4 mal im Jahr mit dem mobilen Service-Center auf dem zentralen Gemeindeplatz statt. Dort können Sie Ihre privaten Problemabfälle direkt abgeben.

Ob Säuren oder Laugen, Farb- oder Lackreste, Lösungsmittel oder Klebstoffe, Schädlingsbekämpfungsmittel, Medikamente oder Haushaltsreiniger, Leuchtstoffröhren oder Batterien, Spraydosen oder Gasflaschen… – viele Produkte, die wir im Alltag verwenden, enthalten umweltgefährdende oder giftige Inhaltsstoffe. Diese Produkte gehören nicht in den Hausmüll, da die Luxemburger Hausmülldeponien und die Hausmüllverbrennungsanlage nicht für die Entsorgung dieser Produkte geeignet sind. Werden Problemstoffe über den Hausmüll entsorgt, so können Schadstoffe in Luft, Boden oder Grundwasser gelangen und die Umwelt und unsere Gesundheit schädigen. Ein weiterer wichtiger Grund für die getrennte Erfassung von Problemstoffen ist aber, dass heute viele davon ganz oder teilweise verwertbar sind. Die von der SuperDrecksKëscht® fir Biirger erfassten Problemstoffe werden so sortiert und aufbereitet, dass der grösste Teil recycelt werden kann. Die Verwertungsquote beträgt beispielsweise bei Farbbehältern, Spraydosen oder Trockenbatterien über 90 %.

Für größere Mengen an Problemstoffen, wie sie z.B. bei Umzügen oder Hausräumungen anfallen, kann auch der Abholdienst der SuperDrecksKëscht® fir Biirger Tel. : 48 82 16-1 angefordert werden.

## Mobile Sammelstelle in Bissen

**Termine der Mobilen Sammlung in Bissen für 2013 : Bissen, Place de la Commune**

| | |
|---|---|
| 29.01.2013 | 9.00 - 17.00 |
| 24.04.2013 | 9.00 - 17.00 |
| 24.07.2013 | 9.00 - 17.00 |
| 24.10.2013 | 9.00 - 17.00 |

**ZUSÄTZLICHE INFORMATIONEN FINDEN SIE AUF :**

**Internet :** www.sdk.lu

**SuperDrecksKëscht® fir Biirger**

Zone Industrielle Piret L-7737 Colmar-Berg
**Tel. :** 48 82 16-1
**Fax :** 48 82 16-266
info@sdk.lu





# Den Nordpool





Le 26 septembre 2011 la piscine de Colmar-Berg a réouvert ses portes au public. Complètement rénovée elle se présente dorénavant sous la nouvelle enseigne "Den Nordpool".

Un concept fort intéressant et moderne, intégrant les infrastructures suivantes :

- 2 bassins de natation,
- 2 bassins non-nageurs,
- 1 bassin enfant avec attractions, douche cascade et geyser,
- 1 toboggan de 80m,
- 1 whirlpool,
- 1 hammam géant.

Pour plus d'informations, visitez **www.nordpool.lu**

**Adresse**

**Centre scolaire et sportif Grand-Duc Henri**
rue de l'Ecole L-7730 Colmar-Berg
Tél : 83 55 43-341
info@nordpool.lu

| | Horaire normal | Horaire vacances |
|---|---|---|
| Lundi | fermée au public | fermée au public |
| Mardi | 12h-20h | 12h-20h |
| Mercredi | 16h-21h | 14h-21h |
| Jeudi | 14h-20h | 14h-20h |
| Vendredi | 16h-20h | 14h-20h |
| Samedi | 14h-20h | 14h-20h |
| Dimanche | 9h-13h | 9h-13h |

## COURS D'AQUAFITNESS

**Aqua-Power**
Tous les mercredis (17.30 h-18.15 h)

**Aqua-Jogging**
Tous les mercredis (18.30 h-19.15 h)

**Aqua-Fitness**
Tous les mercredis (19.30 h-20.15 h)

**Début :** Mercredi 09 janvier 2013

## COURS DE NATATION POUR ENFANTS

Nouveau !

**Cours A : mardi**
Pour débutants à partir de 5 ans et avertis

**Cours B : jeudi**
Pour débutants à partir de 5 ans et avertis

**Horaire :** 14.30 h-15.15 h
**Durée :** 1 trimestre
**Prix :** 100 € par trimestre
**Début :** Mardi 08 et jeudi 10 janvier 2013

**Inscriptions** pendant les heures d'ouverture à la réception ou par téléphone : 83 55 43-341

**Nouvelle**

# identité visuelle

## pour la commune de Bissen

Mercredi, le 11 juillet 2012 a été présenté le nouveau logo de la commune, un logo destiné à renforcer l'image de marque unique et forte de la commune.

"La commune de Bissen peut regarder sur un passé industriel de longue date. La clouterie fondée en 1887 en fait partie intégrante. Il n'est pas dû au hasard que notre bulletin d'information communal porte depuis plusieurs années le nom de "Klautjen". Voilà pourquoi nous sommes très contents que cet élément ait pu être intégré dans notre nouveau logo", explique Jos Schummer, bourgmestre de la commune.

Il va de soi que les clous forment la structure de base du logo, la lettre B. Ils symbolisent la tradition. Les ficelles, dans leur variété de liaisons multiples, montrent l'ouverture d'esprit de la commune pour la croissance constante des intérêts des citoyens et entreprises de la commune. La multitude des couleurs exprime la joie de vivre et reflète la diversité culturelle du village. En effet, sur le territoire de la commune de Bissen vivent actuellement 2875 habitants de 45 nationalités différentes. Les entreprises et le commerce y trouvent tous les atouts pour exercer leurs activités journalières. Une large gamme d'activités culturelles, sportives et sociales est proposée aux habitants, parmi lesquelles chacun devrait trouver quelque chose à son goût.





Discussion entre Jos Schummer, bourgmestre, Eliza Ciociu et Romain Meyers.



De g. à d. : les 2 responsables de l'identité visuelle de la commune, M. Silvano Vidale (Vidale-Gloesener) pour le nouveau logo et la charte graphique et M. Patrick Seiler (Repères Communication) pour le layout et la réalisation du "Klautjen" avec M. Frank Clement (échevin).

Gemeng Biissen

Eng Gemeng déi verbënnt







# Michael Schenk,

## nouveau directeur de la Maison Relais



À partir du 3 septembre, la Maison Relais a un nouveau chargé de direction dans la personne de Michael Schenk, âgé de 27 ans. Ce nouveau emploi à Bissen constitue un défi intéressant pour l'échevin de la commune d'Eschweiler (Wiltz), qui a travaillé pendant deux ans dans la Maison Relais à Harlange. Auparavant il a travaillé pendant une demi-année comme chargé de cours dans l'école fondamentale de Koetschette.

Michael Schenk a réussi son bachelor en 2010 à l'université de Luxembourg et est en train de faire un master en management des institutions sociales, par études à distance (Université de Kaiserslautern).

Pendant ses loisirs il fait beaucoup de sport et prépare un Ironman en Suède pour l'année 2013, auquel il participe pour un projet caritatif. En outre il est président de la commission des jeunes du FC Wiltz 71 et secrétaire des amis du sport loisir à Wiltz.

Sous sa direction, la Maison Relais va développer des projets intéressants, comme l'école de cirque "un der Atert" et probablement une école de vélo comme celles déjà initiées à Harlange et à Wilwerwiltz. En outre, lui tiennent à coeur les facettes multiples d'une alimentation saine, du sport, du bricolage, des langues et de la nature qu'il qualifie de très importants pour les enfants.

---

# Vakanzaktivitéiten

120 Kanner vum Précoce bis an de Cycle 4.2 waren an d'Vakanzaktivitéiten vum 23. Juli bis 3. August ageschriwwen. Wéi schonn déi lescht Joere ware si och dëst Joer vun der Maison Relais Un der Atert organiséiert.

D'Equipp aus der Maison Relais, ënnerstëtzt vun 10 Studenten, haten e flotten an ofwiesslungsräiche Programm zesummegestallt, alles ënnert dem Thema „Indiana Jos". Et gouf e Film gedréit, d'Kanner hu gebastelt, op engem Rallye duerch de Bësch hu si sech misse beweisen, zu Iechternach um Séi goufe si an de Geocaching agefouert, Courage war gefrot beim Kloteren am Adventure Park zu Stengefort, ofkille konnte si sech op enger Waasserrutsch, déi och selwer gebaut gi war.
Natierlech gouf och den neie Logo vun der Gemeng an d'Aktivitéiten agebaut.

Als Ofschloss haten d'Kanner an hir Betreier sech e flotten Animatiounsprogramm zesummegestallt, dee si ganz houfreg den Eltere gewisen hunn.

Am Laf vun der Zäit sinn dës Vakanzaktivitéiten zu engem festen Datum, ginn a sinn aus dem Vakanzprogramm vu ville Kanner net méi wechzedenken.





# Zirkusschoul



D'Maison Relais Un der Atert proposéiert de Kanner aus de Cyclen 1 an 2 ab Oktober en neie Projet: Zirkusschoul; dës Ateliere ginn all Dënschdeg vun 15:00-17:00 Auer an der Maison Relais ugebueden.

D'Zirkusbühn erméiglecht de Kanner eng aner Welt ze entdecken an ze erfuerschen. D'Kanner kënnen hire Bewegungsdrang ausliewen andeems si de Pedalo, d'Jonglerie, den Diabolo an vill Weideres aus eiser klenger Manège entdecken. Lafen, sprangen a balancéieren fuedert net nëmmen déi motoresch Fähegkeeten, mä och déi intellektuell.

Zirkus ass och duerstellend Konscht, bei där Kräfte fräigesat ginn, déi d'Kanner enorm stäerken a sou vill zu hirer Perséinlechkeetsentwécklung bäisteieren.

Zirkus lieft vun der Fantasie, Kreativitéit an och Improvisatioun. Ët erlaabt de Kanner Grenzen ze depasséieren an nei Welten ze entdecken. Si kréien d'Méiglechkeet sech an d'Roll vun de verschiddenen Zirkusartisten ze versetzen z.B. als Jongleur oder Clown. Si kënne sangen an danzen a sech no Häerzensloscht verkleeden a schminken.

Op jidde Fall ass dat e Projet, dee versprécht.





# Die Welt **der Musik**

Im Rahmen eines pädagogischen Projekts, traten 85 Kinder im Alter von 4 bis 13 Jahren im „Veräinshaus" zum Schulabschluss auf.

**Eine Zeitreise durch die Welt der Musik aufgeführt von den Kindern aus der "Maison Relais Un der Atert" in Bissen**

# Im Jugendhaus ist was los…



Christophe Postler an den Patrick Baseggio

Das Jugendhaus Bissen der „Fondatioun Lëtzebuerger Guiden a Scouten am Déngscht vun de Jonken" hat seit dem 01.09.12 eine neue Leitung. Christoph Postler, Diplom-Pädagoge und Naturerlebnis-Pädagoge aus Schweich bei Trier übernimmt nun die administrative und pädagogische Leitung der Offenen Jugendarbeit. Er wird tatkräftig unterstützt von Patrick Baseggio, Educateur diplomé, der seit 12.04.2010 im Jugendhaus beschäftigt ist. Das Jugendhaus Bissen ist ein Treffpunkt für junge Menschen von 12 bis 26 Jahren. Es ist offen für Jugendliche jeglicher Religion und Staatsangehörigkeit.

## Das Jugendhaus hat drei pädagogische Säulen

Der offene Bereich bietet Jugendlichen die Möglichkeit, sich dort zu treffen, Gesellschaftsspiele, Kicker, Billard oder Playstation zu spielen, etc..
Im offenen Bereich haben die Betreuer die Möglichkeit, die Bedürfnisse der Jugendlichen kennen zu lernen, Jugendliche können über Freizeitwünsche sprechen und es kann an Freizeitaktivitäten geplant werden.

Die zweite Säule umfasst den Freizeitbereich, in dem Jugendliche an besonderen Angeboten und Projekten teilnehmen können. Hier können Jugendliche besondere Projekte ausprobieren, ihre Stärken und Schwächen kennen lernen und ihre eigenen Ideen umsetzen.

Die dritte und auch sehr wichtige Säule umfasst den Beratungsbereich, in dem Jugendliche sich über verschiedene Themen wie Sexualität, Berufsorientierung, Drogen oder Gewalt beraten lassen können. Hier ist Beziehungs-, Informations- und Aufklärungsarbeit das A und O. In diesem Bereich arbeiten die Betreuer auch mit verschiedenen anderen Institutionen zusammen.

Die Einrichtung hat geöffnet:

| | |
|---|---|
| **montags:** | 15 - 19 Uhr |
| **mittwochs und freitags:** | 15 - 20 Uhr |
| **dienstags und donnerstags:** | 14 - 20 Uhr |
| **samstags:** | 14 - 18 Uhr |

Demnächst stehen auch besondere Aktivitäten an. Wer sich gerne über die Arbeit des Jugendhauses und dessen Angebote und Projekte informieren möchte, kann sich melden bei: Christoph Postler und Patrick Baseggio.

**Jugendhaus Bissen**
8, rue de la Laiterie L-7783 Bissen
Tel. 26 88 72 90
Jugendhaus@bissen.lu

***Témoignage***

*Moien,*

*Ech si wierklech frou datt et d'Jugendhaus elo säit 6 Joer gëtt.*

*Meng Kanner gi regelméisseg an d'Jugendhaus an hunn do scho vun de verschiddensten Offere profitéiert, Sport, Ausflich...*

*Am Jugendhaus ginn déi Jonk net nëmmen animéiert, mä d'Erzéier hunn och ëmmer en oppent Ouer fir de Jonken hir Problemer, a se kréie weidergehollef wou et nëmme geet.*

*Och a punkto Aarbechtssich ginn déi Jonk ënnerstëtzt. Ee vu menge Kanner hat Problemer eng Plaz ze fannen. Am Jugendhaus krut ech dunn de Rot wou ech kéint higoen. Duerch d'Hëllef vum Jugendhaus an duerch de Wëlle vu mengem Kand hu mer et fäerdeg bruecht, mäi Jong erëm op d'riicht Bunn ze kréien.*

*En décke Merci un d'Gemeng an un d'Éducateuren, datt mer duerch d'Jugendhaus eng Méiglechkeet kruten, wou eis Jonk gutt encadréiert sinn a vill flott Aktivitéite matmaache kënnen.*

# Velosdag

Dans le cadre de la semaine européenne de la mobilité, les 13 communes de Bissen, Boevange, Colmar-Berg, Fischbach, Heffingen, Larochette, Lintgen Lorentzweiler, Mersch, Nommern, Steinsel, Tuntange et Walferdange avaient organisé leur cinquième rallye régional à vélo, à pied ou avec un "inline skate" le 16 septembre 2012.



Suivant les modalités de ce rallye, les participants (équipes de deux à six personnes de tout âge) devaient passer obligatoirement par au moins trois des neuf postes de contrôle aménagés sur le parcours.

Dans ce contexte le conseil communal de Bissen avait demandé aux responsables du "Jugendhaus" d'organiser un tel poste de contrôle au "Frounert". Sous un ciel bleu, huit groupes de cyclistes ont pris le départ de la randonnée à partir de Bissen et trois autres équipes se sont présentées au "Jugendhaus" pour valider leur parcours et pour participer aux jeux et répondre aux questionnaires dans l'espoir de gagner un prix de récompense.

Erfollegräich

# Marche gourmande

## Fanfare Biissen

Och di 3. Editioun vun der „Marche Gourmande", organiséiert vun eiser Fanfare, war erëm e groussen Erfolleg.

Duerch eis schéi Landschaft ze tréppelen an dobäi och nach e gudde Maufel op deene verschiddenen Etappen ze kréien, huet bei de Leit gudden Uklang fonnt.

Dofir reservéiert ech elo schonns de Sonndeg 22. September 2013 wann et heescht „4e marche groumande de Bissen".






# Coupe Julien Feith

## FC Atert



Donneschdeg den 19., Freideg den 20. a Sonndeg den 22. Juli war zu Biissen d'Coupe Julien Feith. Dës Coupe gouf vum FC ATERT, zesumme mat der Famill Feith, organiséiert.

40 Joer nom trageschen Ongléck, huet den FC ATERT mat der Coupe Julien Feith sengem deemolege Spiller a Member geduecht.

Hei d'Klassement vun den Equippen, déi deelgeholl hunn:

1. FC Atert Biissen
2. FC Minerva Lëntgen
3. AS Colmar-Bierg
4. FC Excelsior Gréiwels
5. FC Bruch
6. Sporting Mäerzeg

# Kommissioun vum 3. Alter

# Trëppeltour 2012











E Samsdeg, de 4. August huet d'Gemengekommissioun vum 3. Alter op hiren traditionellen Trëppeltour invitéiert. Dëst Joer stong den Trëppeltour ënnert dem Motto „ënnerwee an der Zillerecht".

Bei sonnegen Temperature ware 55 eeler Leit der Invitatioun nokomm. Ënnerwee beim Spadséieren hu si sech iwwer déi schéin Natur an dee wonnerbar amenagéierte Wee ausgetosch. Ee spezielle Merci geet un eis lokal Pompjeesequipp, déi zënter Joeren, mat hiren Navetten, d'Leit mat beschränkter Mobilitéit um Wee begleet oder och bis zum Wee bréngt. Vill vun den Interessenten hu vun däser Offer konnte proftéieren, sou datt all gemeinsam de Wee an déi proposéiert Aktivitéite konnte genéissen.

Eng éischt Statioun um Wee war an der Zillerecht, wou d'Membere vun der Kommissioun Bänken an Dëscher opgeriicht haten an eng Erfrëschung ugebueden hunn. A scho gong et lass mam Trëppeltour-Quiz, mat villen interessante Froen. Et war flott, den Diskussiounen an den jeweilege Gruppen nozelauschteren.

No der éischter Statioun goung et du weider bis bei d'Weieren, wou mir dëst Joer eng Première haten, mat dem bretonesche Spill „le palet". Dëst ass déi bretonesch Versioun vun dem bekannten „Pétanque-Spill".

Als Ofschloss vum Trëppeltour um Wee konnten d'Leit nach e flotte Quiz iwwer Fréijoersblumme maachen. Och dëst war eng flott an interessant Erfahrung.

Während déi eng zu Fouss bis an den Wonerbatti gaange sinn, goufen anerer mat den Navetten dohin zréckbruecht. Am Wonerbatti hu si dann all, bei gudder Atmosphère, mat Ham, Gromperen an Zalot souwéi engem gudde Pättchen den Dag lues ausklénge gelooss. Nach ier den Dessert zervéiert gouf, ass d'Resultat vum Quiz proclaméiert ginn, an déi dräi bescht Gruppe respektiv Persoune goufe mat engem passende Geschenk belount.

Alles an allem e gelongenen Dag.

## Konferenz mit Professor

# Doktor Dieter Ferring

## der Uni-Luxemburg



Am Donnerstag, den 27. September 2012 lud die Kommission des 3ten Alter zum Thema „Aktiv und Gesund Altern" ein. Zahlreiche Bürger des 3ten und 4ten Alters sind zu dieser sehr tiefgreifenden – wissen vermittelnden Konferenz gekommen.

Die Firma RBS (Seniorenakademie in Itzig), in Vertretung durch Frau Berchem, konnte demzufolge ein reiches Angebot an Materialien am Stand zum Thema „Aktiv Altern" den Interessenten vorstellen.

Patrick Schmit, Präsident der lokalen Kommission des 3ten Alter, sensibilisierte in seiner Vorstellung, wichtige Fragestellungen zum Thema Altern, welche im Verlauf der Konferenz von Professor Doktor Dieter Ferring detailliert vorgestellt und statistisch dargestellt wurden.

***Mehr Informationen finden Sie auf www.bissen.lu***

***Oder falls Sie kein Internet besitzen, wenden Sie sich an ein Mitglied der lokalen Kommission.***

---

## Der

# Club Uelzechtdall

## in Bissen

Die Geimeinde Bissen hat, neben 8 anderen Gemeinden, eine Konvention mit dem Club Uelzechtdall und dem Familienministerium unterschrieben, um somit den Einwohnern von Bissen, die 50 Jahre und älter sind, eine ganze Reihe von Aktivitäten anzubieten.

Diese Aktivitäten sind sehr breit gefächert. Sie umfassen sportliche, kulturelle, rekreative Aktivitäten, sowie Ausflüge, gemütliches Beisammensein und Reisen.

Ziel dieser Aktivitäten ist es, den Einwohnern der neun Gemeinden die Möglichkeit zu geben, sich weiterhin am gesellschaftlichen und sozialen Leben in und um der Gemeinde zu betätigen. Auch das allgemeine Wohlergehen der älteren Mitmenschen soll gefördert werden, sowohl körperlich wie auch geistig und seelisch.

Deshalb sind die verschiedenen Aktivitäten des Club Uelzechtdall weit gefächert und jeder hat die Möglichkeit das Passende für sich zu finden. Jedes Trimester kommt ein Programmheft mit der Post. In diesem Heft werden pro Trimester über 70 verschiedene Aktivitäten angeboten, die jeder nach Belieben nutzen kann. Eine Einschreibung über Telefon genügt. Man braucht keine Mitgliedskarte !

Da der Club in 9 Gemeinden arbeitet, finden nicht alle Aktivitäten in Bissen statt, sondern sie sind auf alle unsere Gemeinden aufgeteilt. Aber natürlich kann jeder an allen Aktivitäten teilnehmen.

In Bissen selbst gibt es folgende Kurse :

| | |
|---|---|
| Recabic immer dienstags | 9h30 - 10h30 |
| Sitzturnen immer mittwochs | 10h00 - 11h00 |
| Seniorentanz immer mittwochs | 8h45 - 10h30 |
| Keramikkurs immer donnerstags | 14h30 - 16h30 |
| Nordic Walking immer donnerstags | 9h00 - 10h30 |

Außerdem sind für jedes Trimester verschiedene Aktivitäten (Fest, einmaliger Kurs,...) in Bissen geplant.

Für weitere Informationen zu unserem Programm sowie für Einschreibungen, rufen Sie einfach an, unter der Nummer **26 33 64-1**.

Ihr Team vom "Club Uelzechtdall"







# De Raphaël Stacchiotti zu London op der Olympiad




Réischt 20 Joer, an dach waren dat schonn dem Raphaël seng 2. Olympesch Spiller. No Peking am Joer 2008, wou hien als jéngste Lëtzebuerger Athlet vun allen Zäiten derbäi war, hat de Schüler aus dem Sport-Lycée sech fir London an zwou Coursë qualifizéiert: 200 m a 400 m Quatre-Nages.

Säin éischten Optrëtt, d'Course iwwer 400 m hat hie samschdes, den 28. Juli, am Laf vum Moien. Et war eng Course, mat där hien hanneno déck zefridde konnt sinn. Hien huet ugeschlo no 4'17''20 Minutten, als 18. vu 36 Konkurrenten. Domat hat hie sech ëm 9 Positioune géintiwwer der Meldeléscht no vir geschafft a saï Landesrekord em bal 2 Sekonne verbessert. Well ee Sportler jo ni sou honnertprozenteg zefridden ass, huet hien hanneno säi schlechten Uschlo bedauert a gemengt, d'Course hätt nëmmen dierfen 399 m laang sinn.

Op jidde Fall war hien, duerch seng groussaarteg Leeschtung, awer déck motivéiert fir säin 2. Optrëtt, seng Paradestreck, 200 m Quatre-nages, mëttwochs, den 1. August. Och wann hie virdru mol sou Undeitungen un d'Halleffinale gemaach huet, sou huet dat awer éischter utopesch geklong. War de Raphaël eben nëmme mat der 27. beschter Zäit ënner 36 Konkurrente gemellt ginn. Wéi hien





dunn an enger Zäit vun 2'00''38 Minutten ugeschlo huet, war dat eng fantastesch Zäit, just 16 Honnerstel iwwer sengem Landesrekord. An awer war dem jonke Schwëmmer d'Enttäuschung am Gesiicht ofzeliesen. Hie war 2. a sengem Virlaf ginn, eng Zingtel hannert dem Kanadier Andrew Ford. E Feeler, wéi hie vum Récken- op Broschtschwamme gewiesselt huet, huet him den Dram vun der Halleffinale zerstéiert. De Ford war nämlech als 16. fir dës Halleffinale qualifizéiert.

Mä wat lo net war, kann ëmmer nach kommen, a mat sengen 20 Joer kann de Raphaël op déi nächst Olympiad zu Rio hoffen.









1

# Der Wald
## Lebensraum und Lebensgrundlage

An dieser Stelle möchten wir Ihnen in Zukunft die Natur und den Wald rund um Bissen näher bringen. In der ersten Ausgabe werden wir uns vor allem mit dem Wald weltweit und mit den Größenverhältnissen, der Baumartenzusammensetzung sowie der vertretenen Altersklassen des Gemeindewaldes in Bissen beschäftigen.

### Wald global gesehen!

Weltweit gibt es in etwa 4 Milliarden Hektar Wald. Rund ein Drittel der gesamten Landfläche der Erde ist mit Bäumen bedeckt. Von den 1,3 Millionen beschriebenen Tier- und Pflanzenarten leben etwa zwei Drittel im Wald.  Zugleich ist der Wald Lebensraum und Lebensgrundlage für 1,6 Milliarden Menschen, darunter viele indigene Völker. Daneben trägt der Wald einen erheblichen Teil zum Schutz vor Erosionen, Lawinen und Überschwemmungen bei.

Dennoch werden im Durchschnitt etwa 0,2 Prozent der Gesamtfläche des Waldes pro Jahr gerodet, was immerhin 80 Millionen Hektar entspricht.
Die drei Hauptursachen der Entwaldung sind die Expansion von Landwirtschaft, Platz schaffen für Infrastrukturen und nicht zuletzt Holznutzung.

Waldrodung eines Tropenwaldes



Um Ihnen eine Idee zu geben mit welcher rasenden Geschwindigkeit (150 ha/Minute) der Waldbestand abnimmt stellen Sie sich die Größe eines Fußballfeldes vor und multiplizieren Sie diese Fläche mit dem Faktor drei. Diese Fläche drückt



in etwa den Waldflächenverlust pro Sekunde aus. Anders ausgedrückt, es benötigt knapp 6 Minuten, etwa die Zeit zum Lesen dieses Artikels, um die Gesamtfläche des Waldes auf dem Territorium der Gemeinde Bissen (900 Hektar) von der Erdoberfläche verschwinden zu lassen. Die größten Waldzerstörungen finden hauptsächlich in den Tropen statt. Spitzenreiter sind Brasilien und Indonesien, gefolgt von Nigeria, Tansania und Myanmar.

### Waldfläche in Europa steigend!

Im Gegensatz zu der weltweiten Lage ist der Trend seit einiger Zeit in Europa, Nordamerika und China gegenläufig. Die Vergrößerung der Waldfläche Chinas ist vor allem auf Plantagen, die vorrangig der Holzproduktion dienen, zurückzuführen.
In Europa hingegen ist die Zunahme der Wälder hauptsächlich in Folge von Aufforstungen oder durch die natürliche Wiederbewaldung von landwirtschaftlichen Flächen die aus der Nutzung genommenen wurden, gekommen. So zum Beispiel vergrößerten sich im Zeitraum von 2000-2005 die Wälder in Europa auf etwa **177 Millionen Hektar, immerhin eine Zunahme von rund 3 Prozent.**









Die größten Waldgebiete Europas liegen in Finnland (77%) gefolgt von Schweden (75%) und Slowenien (65%). Die geringsten Bewaldungsprozente haben meist die ehemals großen Seefahrernationen. Die Versorgung der Flotte mit Holz besaß oberste politische Priorität. In Großbritannien und Irland sind kaum mehr als 10% der Landoberfläche mit Wald bedeckt, dasselbe gilt für die Niederlande und Dänemark. Innerhalb der EU hat Malta das geringste Bewaldungsprozent (1%).

Luxemburg liegt mit 34% Wald im Mittelfeld. Die restliche Bodenfläche ist zu 50% auf die Landwirtschaft und zu 16% auf den öffentlichen Raum verteilt. Die Besitzverhältnisse der luxemburgischen Wälder können in zwei große Kategorien eingeteilt werden: den privaten und öffentlichen Waldbesitz. Der öffentliche Wald, d.h. Staats- und Gemeindenwälder, sowie Wälder anderer öffentlicher Einrichtungen (beispielsweise Kirchenfabriken und Sozialversicherungs-gesellschaften) werden von der Naturverwaltung (ehemals Forstverwaltung) verwaltet.

**BAUMARTEN**




## Der Wald in Bissen in Zahlen.

Insgesamt befinden sich auf den 2.075 ha des Territoriums der Gemeinde Bissen 905 Hektar Wald. Somit sind immerhin 43,6% der Gemeinde bewaldet. Die Besitztümer verteilen sich auf folgende Eigner:

| | |
|---|---|
| Gemeinde Bissen | 58,7% |
| Privateigentümer | 25,7% |
| Gemeinde Ettelbrück | 13,6% |
| Staatswald | 2,0% |

**ALTERSKLASSENVERTEILUNG**




Die Altersklassenstruktur ist geprägt von den großen Stürmen die 1984 und 1990 den Wald arg in Mitleidenschaft gezogen haben. Knapp 180 Hektar liegen unter 50 Jahren.




Auf den knapp 550 Hektar des Gemeindewaldes Bissen wachsen gegenwärtig etwa 4.500 Kubikmeter Holz jährlich zu. Dies sind immerhin pro Stunde etwa 1 Ster oder Raummeter (eine halbe Korde). Unser Wald ist allerdings weit mehr als nur ein Holzlieferant. Er lädt Sie zu ausgedehnten Spaziergängen, zum Sporttreiben, Pilze sammeln und zur Jagd ein. Gleichzeitig ist der Wald für viele Vertreter der Flora und Fauna ein sehr wichtiger Lebensraum.

Auch wenn diese zahlreichen Ansprüche und Ziele an den Wald manchmal in Konkurrenz zueinander stehen und kommende klimatische Veränderungen und damit verbundene Konsequenzen wie Stürme, Temperaturerhöhung oder Mangel an Niederschlägen uns herausfordern, dann lohnt es sich trotzdem im Sinne der langfristigen Erhaltung des Lebensraumes Wald, für diese und die kommenden Generationen, diesen Fehdehandschuh aufzunehmen. Nur eine multifunktionale Forstwirtschaft, die breit aufgestellt ist und versucht alle Funktionen des Waldes auf der gleichen Fläche in Einklang zu bringen wird langfristig Ziel führend sein.

Anregungen oder Fragen zum Thema können Sie gerne über folgende Mailadresse zuschicken: serge.reinardt@anf.etat.lu




Auszug der Bestandeskarte des Bissener Gemeindewaldes:

- die gelben, braunen und grünen Farben stehen für Laubholzwald;
- die blauen bis rosa und lila Farben stehen für Nadelholzwald;
- je heller die Farben, je jünger die Bestände.

# Wou kennt den Numm Hondswénkel hier

Wouhier kénnt den Numm „Hondswénkel", dee bei äis hei zu Biissen méi wéi eemol um Flouer virkënnt.

Op Nofro huet de Professer Jos Massard mir folgend Explikatioune ginn: Laut dem däitsche Fuerscher Franz Anton Paßmann hunn d'Germane fir de Bier d'Kultbezeechnung „HUN", ee Wuert, dat „grouss" bedeit, benotzt, well een e grousst geféierlecht Déier ni mat sengem Numm huet dierfen tituléieren. Dëst huet nämlech Ongléck iwwert ee selwer a seng Sipp bruecht. Aus dësem Grond hu si den Numm vum Bier tabuiséiert an dësen duerch d'Ëmschreiwung „de Groussen" (HUN) ersat. Dëse Brauch fanne mir haut nach bei den Urawunner vun Nord- a Südamerika.

Am Laf vu Joerhonnerten ass HUN fir „grouss" awer ëmmer méi an de Vergiess komm. Duerch Schreiffeeler oder Onwëssenheet, ass spéider dunn am Däitschen aus dem „HUN" een HUND ginn. Déi logesch Konsequenz dovunner war, datt mir hei zu Lëtzebuerg aus dem Hund een Hond gemaach hunn.

Een Hiweis op de Bier (HUN) fanne mir bei äis an ale Flouernimm, z.B. zu Bëschdref den Hun(n)ebur, bei Lauterbur (Iechternach) den Hun(n)ekapp, bei Chrëschtnech d'Hun(n)ebaach asw. An Däitschland, zwësche Musel a Rhäin, den Hunsrück. Da bei äis d'Hondséislek, zu Biissen den Hondswénkel, d'Hondswénkelschlass, den Hondswénkelwee, d'Hondsgaass an zweemol den Hondsstall.

Ee vun deene läit zwëschen dem Roudekapp an den Haerenhecken direkt iwwert der Schéierbaach beim ieweschte Weier, no beim Waasser.

Deen zweete Flouernumm „Hondsstall" fanne mir op enger aler Eisebunnstreckekaart aus dem Joer 1875, an zwar vum Haus Thilman bis bei d'Cité Raths zwëschen der Atert an der Kolmerstrooss, och beim Waasser.

Hondsstall ass gläichbedeitend mat Hondskannerstuff. Déi Grouss (d'Bieren) ware jo echt Schneekerten (Gourmet). Wat loung lo méi no wéi hir Kannerstuff sou no wéi méiglech bei d'Atert ze verleeën (bauen). Dës war jo zu dëser Zäit voller Kriibsen a Fësch; eng echt Delikatess fir si. Am Gestraichs vun der Supp ware si jo sécher an de Bësch war och direkt derbäi.

Echt Feinden hate si jo nit. Nëmmen d'Wëllef ware fir déi jonk Biere munnechmol eng Gefor. Dës waren an der Supp awer nit sou gewierweg wéi de Bier mat senge grousse Patten, an déi Al wore jo ëmmer no derbäi an hunn hir Kanner ni eleng gelooss a gutt opgepasst.

Virun etlech dausend Joer war eisen Deel (Eck) vum heitegen Europa jo gréisstendeels mat Bësch bewuess a nëmmen dënn besiedelt.

Zwëschen 5.000 an 3.500 Joer al Biereschanke sinn an Holland an 5.500 bis 4.500 Joer aler a Spuenien an an der Belsch fonnt ginn. D'Virkomme vu Bieren am heitege Beneluxraum a virgeschichtlecher Zäit steet also ausser Zweifel.

Mir wëssen, datt bei Déierekämpf am Amphitheater zu Tréier Bieren agesat goufen. De bekannte Mosaik vu Nennig (D) weist Gladiatoren, déi mat engem Bier kämpfen.

D'Biere ware relativ heefeg. Sou huet sech am zweete Joerhonnert een zu Bonn (D) stationéierten Centurio (Kommandant vun enger Companie vun +/- 100 Legionären) vun der éischter Réimerlegioun mat dem Fank vu fofzeg Bieren an engem halwe Joer gebretzt.

Bei archeologeschen Ausgruewungsaarbechten am Beräich vun der Buerg Befort (L) sinn Déierereschter aus dem 10. an 11. Joerhonnert fonnt ginn, dorënner och ee Beckefragment vun engem ausgewuessene Bier.

A Flandern an an Holland gëtt et historesch an archeologesch Beweiser vu Biere bis an 12. Joerhonnert. An de groussen Ardennebëscher a Südbelgien a Lëtzebuerg ware se wahrscheinlech nach méi laang do.

An der Eifel ware se am 16. Joerhonnert nach zimlech heefeg, dee leschten soll awer am 17. Joerhonnert erluecht si ginn.

Een ale Sproch: Wa Liichtmëssdag (Februar) de Bier säi Schiet gesäit (also wann d'Sonn schéngt) krauch hie fir 6 Wochen erëm zréck a säi Bau. (An deem Fall, heescht et, dauert de Wanter nach 6 Wochen méi laang.)

